DEMOKRATESCH
PARTEI

2A, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg

Tel. : 22 10 21
Fax : 22 10 13

secretariat@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 18. Juni 2026

# D'DP ënnerstëtzt d'Kandidatur vum Max Lehnen fir de Staatsrot

De Comité Directeur vun der Demokratescher Partei huet sech haut den Owend unanime dofir ausgeschwat, dem Max Lehnen (38) seng Kandidatur fir de Staatsrot z'ënnerstëtzen.

De Jurist an Affekot ass Associé an der Étude Lentz-Lehnen an huet ënner anerem eng laang Erfarung am Aarbechts- a Sozialrecht.

„De Max Lehnen ass net nëmmen e Kandidat, deen déi fachlech Expertise fir dëse Posten huet. Hie weist duerch säi benevollen Engagement an senger Gemeng an am Sport, dass hien och en Teamplayer ass“, sou d'DP-Presidentin Carole Hartmann.

De Comité Directeur ass dat héchste Gremium vun der DP, an deem déi politesch Aktualitéit diskutéiert gëtt an déi wichteg Decisiounen an der Partei geholl ginn.